

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

St. Cunibert Réimech

D'Cheftainen a Chef vun den Lëtzebuerger Guiden a Scouten aus dem Grupp St. Cunibert vu Réimech bidden de Kanner a Jugendlechen séllech Aktivitéiten un, wéi zum Beispill Bastelen, d'Natur erfuerschen, Konstruktiounen opriichten, Kniet léieren, den Ëmgang mat Kaart a Kompass an nach villes méi. Mir sinn a verschidde Branchen (Altersgruppen) agedeelt, sou dass d'Aktivitéiten dem jeeweilegen Alter ugepasst sinn. Eis Branchen deelen sech folgendermoossen an:

- Biber – Kanner am Alter vu 6 bis 8 Joer, déi op d'mannst am 1. Schouljoer sinn
- Wëllef – Kanner am Alter vun 8 bis 11 Joer
- AvEx – Kanner, tëschent 11 a 14 Joer
- CaraPio – Jugendlecher, tëschent 14 a 17 Joer
- RaRo – Jugendlecher vu 17 bis 23 Joer
- Albatrossen – Erwuessener vu 23 bis 100 Joer

De Grupp huet awer och all Joers eng Rei gemeinsam Aktivitéiten mat all de Branchen zesummen:

Adventsverkaaf, Buergbrennen, Wisefest, Montée, …

D'Montée ass den Ufank vun eisem Scoutsjoer a fënnt am Oktober statt, hei mussen déi Kanner/Jugendlech weise wat si 'geléiert' hunn, éier si dann an déi nächst Altersstuf opgeholl ginn.

All Branche huet während dem Joer nach déi eng oder aner Sortie an Ausfluch, awer och Weekender. Um Enn vum (Scouts-) Joer steet dann ëmmer de Summercamp um Programm, dee souwuel hei am Land, wéi och am Ausland ka sinn.

Mir hoffen, dass mir Iech mat dësen Informatiounen eise Grupp e bësse besser konnte virstellen an dass mer villäicht deen een oder aneren virwëtzeg gemaach hunn, fir mol bis luussen ze kommen.

D'Chefféquipe vum Grupp Saint Cunibert Réimech

**KONTAKT**

Johnny Geraets
7, Albaach
L-5471 Wellenstein

info@remich.lgs.lu
www.lgsremich.lu

Tel.: 00352-26664712